N°3382
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 3382 vum 23. Dezember 2025 vun der Madamm Deputéiert Françoise Kemp.**

1. **Dierfe Lëtzebuerg Betriber nach Standard Rechnungen u Belsch Betriber ausstellen?**
2. **Dierfe Lëtzebuerg Betriber nach Standard Rechnungen vu Belsche Betriber kréien?**
3. **Gedenkt d'Regierung, d'Erstelle vun elektronesche Rechnunge am B2B virun 2030 obligatoresch ze maachen?**
4. **Falls jo, wéi eng Hëllefe fir d'Betriber gesäit d'Regierung an deem Fall vir?**

Zu Lëtzebuerg gëllt dat geännert Gesetz vum 16. Mee 2019 iwwert d'elektronesch Facturatioun[1], dat virgesäit, dass elektronesch Rechnungen am Kader vun ëffentlechen Opträg a Konzessiounsverträg erstallt, verschéckt an empfaange musse ginn.

Wéi déi honorabel Deputéiert et richteg ervirhieft, besteet säit dem 1. Januar 2026 bei eise belschen Noperen déi nei Obligatioun, elektronesch Rechnungen tëschent de Betriber an der Belsch ze verschécken. Dës belsch Gesetzgebung wennt sech awer net op Betriber déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn un, a schafft keng nei rechtlech Obligatiounen fir dës Betriber.

Déi betraffen Instanzen aus dem privaten an ëffentleche Secteur preparéieren aktuell eng effizient Ëmsetzung vun der europäescher VIDA-Directive[2], déi d'elektronesch Facturatioun an deen dorop baséierten TVA-Reporting ab dem 1. Juli 2030 an der ganzer EU an domat och zou Lëtzebuerg fir all grenziwwerschreidend Transaktiounen obligatoresch mécht. An deem Kontext wäert och gekuckt ginn, ob déi schonn besteeënd Hëllefen fir Betriber wat d'elektronesch Facturatioun ugeet, kënnen ugepasst ginn.

Zu dësen Hëllefen gehéiert den « SME Packages – Digital » mam Programm « Facturation électronique ». Hei ginn d'Betriber bei der Implementatioun vun engem digitalen Outil, an dësem Fall déi elektronesch Facturatioun, begleet. 70% vun de Käschte bei engem Projet vun 3.000 bis 25.000 Euro HTVA ginn an deem Kontext iwwerholl.

Lëtzebuerg, den 21/01/2026.

D'Ministesch fir Digitaliséierung

(s.) Stéphanie Obertin

[1] Loi modifiée du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession.

[2] Directive (UE) 2025/516 du Conseil du 11 mars 2025 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les règles en matière de TVA adaptées à l'ère numérique.